



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :

23 SEP. 2019
1230

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Landesplanung, Energie & Wunnéngsbau weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg gëtt aktuell a villen Haiser nach mat Masutt gehëtzt. Virun allem am Norde vum Land ass dëst de Fall, well a wäiten Deeler vun der Regioun keng Gasleitungen verluet sinn. Et ass evident, dass de Masutt keng nohalteg Energeressource duerstellt. Den CO₂-Ausstouss vun enger Masuttsheizung ass souguer méi héich wéi d'Hëtze mat Gas an doriwwer eraus mat méi héijen a volatile Käschte verbonnen.

D'Regierung promouvéiert aktuell awer alternativ an erneierbar Heizformen, wéi zum Beispill Pelletheizungen oder Geothermie. Persounen, déi sech dës Investitiounen allerdéngs net leeschte kënnen, bleiwe schlussendlech awer op hirer Masuttsheizung setzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Haushälter heizen hei zu Lëtzebuerg aktuell mat Masutt? Wéi vill vun dësen Haushälter hëtzen entfalen op de Norde vum Land?
2. Wéi vill Liter Masutt si säit 2012 fir Masuttsheizungen verbrannt ginn?
3. Wéi héich beleeft sech de järeleche CO₂-Ausstouss vu Masuttsheizungen zu Lëtzebuerg?
4. Wäert d'Regierung bis 2023 d'Unzuel u Masuttsheizungen hei am Land reduzéieren?
 - o Falls jo, wéi vill Masuttsheizungen solle bis dohinner ersat ginn a wéi?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu